# Den Arthur op Frupsmissioun

Eng Geschicht iwwer d'Recht op e gesond Liewen



# Den Arthur op Frupsmissioun

Eng Geschicht iwwer d'Recht op e gesond Liewen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



## Kennt dir den Arthur schonn? Nee? Ma da musst der hien onbedéngt kenne léieren!

Den Arthur ass eng Eil. Awer stopp! Mat enger gewéinlecher Bëscheil huet hie wéineg gemeinsam. Den Arthur ass nämlech dee coolsten a cleverste Kärel, deen der iech virstelle kënnt. Ronderëm d'Auer gutt drop a voller Energie, strutzt hie vu kreativen Iddien a begeeschtert mat sengem fantastesche Sang- an Danztalent.

**Mat him gëtt et wierklech ni langweileg. Am Géigendeel: Wie mam Arthur ënnerwee ass, erlieft ëmmer nees spannend Geschichten.**

Eemol huet hien eng turbulent Rees duerch déi ganz Welt gemaach, fir op där anerer Säit op enger Wollek ze landen a sech mat hire Bewunner, de Wolléker, **fir Toleranz a Respekt** anzesetzen. Eng aner Kéier huet hie mat senge Frëndinnen a Frënn de verknaschtene Weier gerett **a fir eng propper Ëmwelt** gekämpft. Eng opreegend Geschicht, déi den Arthur an sengem Team en zolitte Muskelkater a vill Ustrengung kascht huet.

No där sportlecher Botzaktioun ware Rou an Entspaanung ugesot: **Et gouf an der Sonn gefaulenzt, gerascht a gechillt, gepotert, gespaasst a gespillt.** Dolce Vita pur! Bis enges Daags, jidderee war nach déif am Schlof, eng quiitscheg Meckerstëmm esou haart duerch de Bësch geschaalt huet, datt et de Blieder un de Beem dronke ginn ass.



**„Wat hunn ech eng Flemm mat där Fudderjuegt!“**

„Vu moies bis owes ditzen ech deene Quatschnëss hannendrun, fir datt se entweder huel, faul oder total verdréchent sinn!“

**D’Kaweechelche Jacqueline ass rose vun Aascht zu Aascht gesprongen. Mat Wuppes huet et e puer Dännenzapfen erofgeschoss.**

„Stress ouni Enn mat deene Knallkäpp! **Finito mat der Work-Life-Balance!** Ech jauwe geschwënn nonstop duerch d’Gestrëpp fir eng eenzeg mickreg, al Ranznoss an de Bauch ze kréien!“

**Den nächsten Dännenzapf ass riicht nieft d’Entrée vun der Maus Ginette hirem Mauslach gelant.**

„Ma mir geet et d'selwecht!", huet eng piipseg Stëmm gegaapst. „Dag fir Dag bäissen ech mir fir dräi dier Grimmelcher meng kleng Zännercher un deenen haarde Wuerzelen aus. A well ech net méi esou flénk sinn, krut ech scho laang keng säfteg Méck méi ze paken."

**„Wat géif ech fir e leckere Maifelche ginn …!"**

D'Maus Ginette, huet sech d'Mailche geleckt.

„Ma dat sees de gutt!", huet et am nächsten Ablack aus der Luucht gesummt. D'Harespel Gigi ass am Zickzack tëscht den Äscht erduerchgeflunn. „Endlech wéilt ech emol erëm eng Portioun Äerdbiersgebeess, eng Schockelasglace oder eng Zockerwatt verdrécken …" Si huet eng Grimass geschnidden. „Amplaz muss ech mech mat ronschelege Knospen zefridde ginn!"

Mëttlerweil hat d'Gemeckers a Geknouters och deen déifste Siweschléifer aus sengen Dreem gerappt. **Nawell zimmlech verschotert, d'Käpp an de Wolleken, sinn all d'Bëschdéieren aus hiren Näschter, Lächer, Hecken a Blieder erausgekroch.** Jee, den Dusel huet net laang ugehalen an eenzock hunn se all Feier a Flam matdiskutéiert.





„Fir mech wannechgelift e Liter pechegt Zockerwaasser!“, huet dem Arthur seng bescht Frëndin, de Päiperlek Lisi geruff.

„Jo, basta mat de knätschege Mëschtrommelen! Finito mat de Knollen, Schleeken, Wierm! Genuch mam Gruewen a Wullen, bis eis d’Patte brennen!”, hunn d’Wëllschwäin aus der Heck protestéiert. „Amplaz Gromperekichelcher mat Ketschap a Schlagsan!“

D’Elster Monique huet hëtzeg mat de Flilleke geschloen.

**„Yay! An ech wëll All-You-Can-Eat-Snacks ronderëm d’Auer!”, hu si gekrächzt.**

„Gutt Iddi!“, hu sech déi zwee Fräschen, d’Kiki an de Carlos, gefreet. „A wéi lecker géifen d’Insekten eréischt frittéiert schmaachen! Ei, mol richteg gehäerzt. Mmmmhhh!“„Uhh, oder karamelliséiert!“ D’Kiki huet eng Pirouette gedréint. „Mat Zockergoss glaséiert!“


**Den Arthur, deen de Gespréicher vu sengem Bam aus ouni sech ze mucksen nogelauschtert hat, huet sech nodenklech um Kapp gekraazt.** Éierlech gesot hätt hien säi Fudder, meeschtens Raten, Fësch a sämtlech Insekten och gäre géint eng méi praktesch Optioun agetosch. D’Lisi huet seng Gedanke gelies. „Stell der vir, du bräichts dech net méi mat buuschtege Raten ze ploen a kéins just nach frupsen, wat s de glëschts!“ Dem Arthur seng Aen hu geglënnert.



**Trotz hirer Begeeschterung hätt kee vu senge Frëndinnen a Frënn gegleeft, datt aus enger harmloser Spënnerei tatsächlech Wierklechkeet kéint ginn.**

Datt grad de Wuerm Nello, den Igel Misch an d’Wäschbierin Pippa an enger eenzeger Nuecht eng genial Erfindung maache géifen, war onvirstellbar. **Ma déi dräi hu riichtduerch geschafft, gebastelt, gewierkelt a gezëmmert, ouni engem vun de virwëtzegen Déieren ze verroden, wat si wëlles hätten.**

Eng ganz Woch laang ass dat esou weidergaangen, bis den Nello haart gepaff huet. De Misch huet a seng Troter geblosen an d’Pippa huet all d’Déieren zesummegeruff.





Allen dräi stoungen se virun enger riseger, mat enger Bliederriddo bedeckter Hütt.

**„Dir Dammen an dir Hären! Vergiesst d'Juegd op Raten, Wuerzelen, Mécken. Vun elo un heescht et: Bestell der, wat s de an esou vill s de wëlls."**

D'Pippa huet an d'Patte geklappt. „Ob salzegen, séissen, säftege Kéis. Glace an d'Strass, Schockobierger, vergiess deen Ierger!"

**Feierlech hunn déi dräi Kolleegen de Riddo op d'Säit gezunn. E wonnerbaren, faarwege Weenchen ass zum Virschäin komm.**

Wat déi verschotert Bëschbewunner hannert dem Comptoir erbléckst hunn, huet hinnen d'Sprooch verschloen:

Reebouglacen an alle Faarwen, frittéiert XXL Gromperekichelcher, monstréis Spaghettiskéip, meterhéich Frittentierm, eng iwwerdimensional Popcorn-Pistoul, eng gigantesche Schockelasfontän, schwindelerregend Chipsbierger, Zockernëss, Lutschen. Rosa, blo a knätschgréng Limonad, Marshmallows, Kamellen… einfach

**alles, wat een sech virstellen an och net virstelle kann.**

**Wéi de Blëtz sinn d'Déiere bei de Stand geflitzt.** Jidderee wollt deen éischte sinn, keen dee leschten, een ass iwwert deen anere getrollt, et gouf gejaut a vernannt, geschubst a gedréckt, gepëtzt a gezunn, gerappt, gemault a geflucht. D'Maus Ginette huet de Wëllschwäin de Fouss gesat, de Carlos huet eng krass Course géint d'Kiki gemaach an d'Elster Monique huet d'Jacqueline mam Schniewel an den Hënner gepickt. Esouguer den Arthur hat vu lauter Gloscht all seng Manéiere vergiess.

**De Misch huet streng getrotert. „Halt, dir Dropgänger! Et gëtt genuch fir jiddereen! Ausser fir déi, déi sech de Batti stellen. Do heescht et Hausverbot!"**

Eenzock hunn sech déi hongereg Gäscht brav an d'Rei gestallt. A stellt iech vir, et war net nëmme genuch, mee et war vill ze vill. Eemol, zweemol, dräimol, muench Clienten hunn sech esouguer véier Mol nobestallt.



„Deliziös!“

„Brilliant!“

„Eenzegaarteg!“

„Genial!“

„Zwee Stären!“

„Dräi Stären!“

„Dausend!“



„E Stär fir d’Pippapizza, den Nellokamello an de Kichimischi!”

„Megamegamega“, hunn d’Wëllschwäin aus der Heck geschmatzt.

„Wow, dat war dee beschte Kascht, deen ech jee a mengem Liewe giess hunn“, huet d’Kaweechelche geschwäermt, nodeem et seng lescht Bull Nossglace eragefeiert hat.

**All waren se enger Meenung: Dat war déi bescht a leckerst Iddi vun allen Zäiten, déi den Nello, d’Pippa an de Misch mat hirem Iessweenchen haten!**

Iert déi fläisseg Käch sech un d’Spull gemaach hunn, hunn si hire vollgefrupsten an zefriddenen, awer zimmlech midden Fans eng lescht Fro gestallt.

**„Hey Frënn, wëllt dir,**
**datt mir eise Gourmetwon**
**muer nees opmaachen?“**
**„Joooooo!“**

Den Applaus war explosiv. D’Geschäftsfrënn hu sech mat engem zefriddene Grinsen ugekuckt. „Ma dann! Nellokamello, Pippapizza a Kichimischi forever!“ Bis déif an d’Nuecht eran hunn déi dräi Frënn hire Succès gefeiert.

**Den Arthur hat iwwerdeems kee Grond sech ze freeën.** Egal, wéi hie sech gedréint a gekéiert huet, krut hien einfach keen An zou.

A sengem opgedréinte Gehier sinn d'Gedanke wéi wëll Feiler hin an hier geflunn, ouni datt hien een eenzegen dovun ze pake kritt hätt.

Och säi Bauch war nawell opgedréint. Et war,

**wéi wann de Popcorn op der décker Kamelle-bull géif Trampolin sprangen an d'Spaghettie säin Häerz géife mam Lasso fänken. D'Zockernëss hu matenee Pingpong gespillt, an d'Limonad huet mat der Glace ëm d'Wett geguergelt.**

Dem aarmen Arthur sinn d'Schudderen an de Schweess ausgaangen. Nach ni war et him esou ellen. Da léiwer nees Raten, huet hien sech geduecht, wéi hie Stonne méi spéit an e féiwerege Schlof gefall ass.

**Deenen aneren Déieren ass et deels net besser ergaangen.**





D’Kaweechelche Jacqueline war moies esou opgeblosen, datt et net méi aus sengem Bamlach koum, de Carlos an d’Kiki si wéi ferngesteiert stonnelaang op der Séirous iwwert de Weier getourt, an d’Elster Monique hat net genuch Kraaft, fir hir Flilleken ze beweegen. D’Lisi huet a senger Blumm geschnaarcht, d’Gigi war wéi vum Äerdbuedem verschwonnen, a vun der Maus Ginette huet ee just kuerz eng kleng Nuesespëtzt gesinn.

De Misch, d’Pippa an den Nello, déi schonn nees motivéiert an hirem Weenchen hantéiert hunn, hunn dem Schauspill skeptesch nogekuckt.

„Mengs du haut daucht ee vun deenen op?“, huet d’Pippa gefrot.

„Keng Suerg, Kolleeg“, hunn de Misch an den Nello hatt berouegt.

**„Eemol
Nellokamello, Pippapizza & Kischimischi,
ëmmer
Kamellopizzakichi.“**

**„Gedold.“ … A genee esou war et. Lues ass lues si se all nees bei de Stand gedrëpst, fir eng Commande opzeginn.**



**„Frittéiert Karamellbieren!“**
**„Nello's Bastabio Chips. XL wannechgelift!“**
**„Pizzatripleburger fir mech! Mat allem.“**
**„Als Dessert Energymonstercookies.“**
**„Schokovulkan!“ & „Happy N&M's!“**
**„4 Portioune Magic Unicorn Popcorn fir mech.**
**Dann hunn ech Reserven.“**
**„Lollipop Wollekemarshmallow!“**
**„Rainbow Muskelcake. Ei, domadder**
**ginn ech fit ewéi e King!“**
**„Powerboost 3000 Shake a Poka Bola!“**
**„Panda light mat Rainbow Candies!“**

An den Arthur? Ma hien huet sech tatsächlech u säi Virsaz gehalen. Vu sengem Bam aus, säi Kapp schummereg a säi kugelronne Bauch nach ëmmer opgewullt, huet hien d'Déierepressessioun beobacht. Seng Frëndin Lisi huet e risege Becher Zockerwaasser bei dem Arthur seng Blumm geschleeft. Wéi den Arthur him mat ausgestrecktene Flilleke gewénkt huet, huet hatt net reagéiert.

**Op eemol hat den Arthur e ganz schlecht Gefill.**



Dag fir Dag sinn d'Déiere bei den Iessweeneche gepilgert. Den Nello, d'Pippa an de Misch sinn es net midd ginn, ëmmer nei Platen ze erfannen. Schneekegkeete fir gutt Laun, Knabbereie géint de Granz, Leckereien, déi glécklech maachen, Gedrénks, dat  wakereg mécht, Gedrénks, dat midd mécht, Knusperfood fir méi Freed, Desserte fir d'Gléck.

**Lues awer sécher ass de Bësch méi roueg ginn. Et gouf net méi gefeiert, net méi gedanzt, a scho guer net méi gesongen.**

Et gouf net méi gestridden, net méi diskutéiert an net méi gerolzt. Just beim Iessweenche goufen e puer mickreg Wieder tëscht den Déieren ausgetosch, ier da jiddereen nees séier an déi eng oder aner Richtung verschwonn ass.

D'Wëllschwäi louchen de ganzen Dag mat de Been no uewe faul an der Heck an hunn d'Wolleke gezielt. „Haut sinn et der méi wéi gëschter." „Jo." Méi war net ze soen.

D'Lisi ass vum Becher an d'Blumm an nees zeréckgeflunn. Wat net ëmmer sou einfach war, well seng Flilleke ferm gepecht hunn.

D'Elster Monique ass mat enger Fritt schlapp iwwert de Buedem geschlach. "Weess ech eigentlech nach, wéi Fléie geet?", huet d'Monique sech gefrot a verschotert mam Kapp geréselt.

D’Harespel Gigi hat Orientéierungsproblemer, sou datt si sech ëmmer nees veriert hunn, de Carlos an d’Kiki si vu lauter Gasen am Kierper fortgeflunn. D’Lisi ass enges Daags einfach a säi Becher gefall, a wann den Arthur et net a leschter Sekonn erausgezunn hätt, wier et am pechege Jus erdronk.

**Well d’Jacqueline mat sengem ronne Bauch a sengem Lach stieche bliwwen ass, huet den Nello him seng Bestellung mat sengem fuschneie Liwwermobil heembruecht.**

Och bei deenen aneren Déiere war de Bestellweenche ruckzuck esou am Trend, datt ganz op Livraisoun ëmgestallt gouf. Vun deem Zäitpunkt u war dee schéinen, liewege Bësch … eidel. **Dat huet dem Arthur net nëmme grouss Suerge bereet, mee hien och schrecklech traureg gemaach. Virun allem hat hien Angscht ëm seng Frënn a Frëndinnen.**

Besonnesch ëm d’Maus Ginette, déi hien zënter Wochen net méi erbléckst hat. „Keng Anung, wat déi huet. Op ausdréckleche Wonsch schéisse mer hir de Popcorn riicht an d’Lach“, huet den Nello mat gehuewene Schëlleren erzielt. Dat war de Moment, wou eisen Arthur decidéiert huet, datt hien eppes ënnerhuele misst. „Genuch!“, sot hie fir sech. Hien huet an d’Flilleke geklappt.

## „Zäit fir en Arthur Powerplang!“

**Als éischt huet hien seng Kolleegen, d’Wolleker ugeruff.**





„Ech brauch är Hëllef.“ Si hu keng Sekonn gezéckt. „Arthur, mir kommen!“

**Dono ass hie bei dat klengt Meedche geflunn, dat bei der Weierbotz gehollef hat.** Mëtten an der Nuecht huet hien u seng Fënster getockt. „Nora! Alarm. D’Déiere si krank! Ech brauch Ënnerstëtzung!“ **D’Nora wosst direkt Rot. „Meng Tata ass Déierendoktesch!“, sot hatt.**

Dem Arthur war kloer, datt hien net derlaanscht kéim, och mam Nello, Pippa a Misch iwwert d’Situatioun ze schwätzen. Anescht wéi hie gefaart hat, waren déi dräi erliichtert, wéi den Arthur hinnen seng Suerge geklot huet.

„Et stëmmt, Arthur, et ass näischt méi wéi virdrun“, huet den Nello verdrësslech gemengt. „Wat war dat schéin, dee leschte Summer! Zesumme laachen, feieren, iessen … An elo ass wéinst eis alles eriwwer“, huet d’Pippa geschnoffelt. „Mir wollten ophalen, maachen, datt nees alles wéi fréier ass, mee si loossen eis net“, huet den Nello erzielt.

**„Ech mengen, si sinn all süchteg ginn. A virun allem krank.“**

Hien huet schëlleg op de Buedem gekuckt. „Am schlëmmsten ass d’Ginette drun. Ech weess elo, wat mat him lass ass. Hatt ass net nëmme bennzeg no Popcorn, mee och nach no sengem Catchacat Game. Hatt spillt Dag an Nuecht.“

De Misch huet eng Schnuff gezunn. „Arthur, wat solle mer nëmme maachen?“

Och wann d’Geschicht nawell zimmlech vertrackt war, huet eisem Arthur säi Plang séier Form ugeholl. **Eng ganz Nuecht laang iwwerleet, tüftelt, réiert, beekt, bracht a kacht déi smart Eil zesumme mam Kichipizzakamello-Team an de frësch gelante, megamotivéierte Wolleker e fonkelneie Menü.**

**„Mir maachen eng Nëssbar.“**
**„An e Veggie Burger.“**
**„Bananemouss mat Bieren.“ & „Uebstzalot!“**

Owes um 6 Auer rappt d’Pippa d’Déiere mat engem haarden Trillerpäifen aus dem Schlof.

**„Léif Frënn, de Liwwerdéngscht ass finito!** Mee keng Angscht, den Nello, d’Pippa an de Misch waarde mat engem sensationelle Frupswon op iech.“

Et dauert nawell, bis déi éischt hongreg an zimmlech granzeg Clienten erbäischlappen. Si staunen net schlecht, wéi se den Arthur hannert den Dëppe gesinn.

**„Extra fir jiddereen op d’Mooss gekacht“**, annoncéiert d’Pippa feierlech.

Engem nom anere reecht den Arthur e Plat. D’Begeeschterung hält sech a Grenzen.


GESOND!

**„Wou ass mäi Popcorn!“**
**„A meng Liiblingsglace!“**
**„Wéi, kee Poka Bola méi!?“ „Egal wat!“**
**„Ech wëll Schockela! Direkt!“**
**„Keng Fritten!“, mault d’Monique moukeg.**
**„Kee Ketschap!“, zischen d’Wëllschwäin.**

Rosen hëlt een nom aneren deen éischte Maufel. Et gëtt roueg. Gespenstesch roueg. Wat da geschitt, rot der ni. Amplaz, datt d’Gemeckers wéidergeet, héiert ee just nach „Ahh ..“, „Uuu…“, „Mmm …“, „Lecker“. Zu gudder Lescht taucht esouguer - d’Aen kleng a véiereckeg, d’Nues bleech - d’Maus Ginette op. Den Arthur a seng Kachekipp sinn erliichtert.

**Och wann deen een oder anere léiwer nach e puer Chipsen, Glacen a Popcorn eragefeiert hätt, ass d’Stëmmung besser wéi zanter Wochen.**

„De Liwwerdéngscht war zwar flott an d‘Iesse lecker, mee ech hunn iech all vermësst”, seet d’Lisi.

„Ech war just nach traureg an aleng. A wat ech méi aleng war, wat ech méi giess hunn”, erzielt d’Jacqueline. „Ausserdeem hunn ech mech net méi wuel a menger Haut gefillt.”

„Mäi beschte Frënd ass de Computer. Dobäi wëll ech dat guer net”, klot d’Ginette.



„Eis ass et och
net gutt gaangen …
Alles war esou schwéier”,
erzielen d’Wëllschwäin.



„Ech wëll esou gär erëm fléien … mee et geet net," schnoffelt d'Monique. „A mir si Loftballonen amplaz Fräschen", ruffen d'Kiki an de Carlos verzweiwelt.

**„Keng Angscht, dir kritt Hëllef. Wësst der, jiddereen huet e Recht op Gesondheet!", versprécht den Arthur.**

**Grad an deem Moment taucht d'Nora mat senger Tatta op. Si huet eng grouss Dokteschposch a vill Zäit a Gedold, fir no all Déier ze kucken.**

„Däerfe mer nach Gromperekichelcher iessen?", froen d'Wëll-schwäin. „Ni méi Dessert?", fäert d'Ginette. D'Veterinärin wénkt mam Kapp. „Dach, mee net all Dag an net esou vill. An …" Si kuckt eescht. „Sport. Ouni Beweegung gëtt ee krank. An dacks och traureg." „Stëmmt!", piipst d'Ginette.

**Den Arthur iwwerleet. „Ma wéi wär et, wa mer e Sportsclub grënnen."**

„Jo, ech maachen e Rudderclub op!", annoncéiert d'Kiki. „Ech organiséieren en Trampolin-Training!", quiitscht d'Kaweechelchen. „Mir e Laf- a Gruef-Coaching!", ruffen d'Wëllschwäin.

„An ech Danz, natierlech!", freet sech den Arthur.

**Dir frot iech elo bestëmmt, ob d’Déieren hir Form an hir gutt Laun nees erëmfonnt hunn. Et huet Zäit gebraucht,** et ass op an of gaangen, an et gouf och mol gestridden, well net ëmmer jidderee Loscht op gesond lessen a Beweegung hat. Mee dat ass normal. Muenchmol war d’Gloscht no Fritten a Glace esou staark, datt se bal net auszehale war. **Ëmsou besser, datt den Nello an de Misch de Weekend a bei Feierlechkeeten e fantastesche Pokabolapopcornchipsschockocookieglacëbuffet gekacht hunn. A well deen esou besonnesch war, hunn d’Déieren en ëmsou méi genoss.**

Wat aus der Maus Ginette hirem Computer ginn ass? Ma stellt iech vir, op deem huet si zesumme mat hire Frënn net nëmmen

## e fantastescht Kachbuch geschriwwen, mee och nach flott Sportspiller erfonnt.



An déi hunn e grousse Succèes.

Dëst Buch ass an Zesummenaarbecht mam Anja di Bartolomeo, Giulia Helminger an der Klass 4.1. A vum Laureanne Kurt vun der Grondschoul Kapellen fir den internationale Kannerrechtsdag 2025 entstanen.

**E grousse Merci soe mir dem Oscar, Chloé, Célia, Victoria, Noria, Liam, Tomek, Carlo, Dean, Alya, Valérie, Amelie, Chiara, Soann, Lorenzo a Victor fir hir Iddien an hir Kreativitéit beim Entstoe vun dëser Geschicht.**



An dësem neien Abenteuer entdeckt d'Eil Arthur, datt seng Frënn aus dem Bësch keng Loscht méi op Uebst, Geméis oder Nëss hunn… Si schwieren nëmmen nach op Liewensmëttel déi vill Zocker oder Fett enthalen. A virun allem beweegen si sech bal net méi a kucke stonnelaang op hiren Ecran. Ganz séier ginn d'Déiere midd, granzeg… an och krank.

Den Arthur versteet net, wat lass ass. Ganz douce an entschloss hëlleft hie senge Frënn erëm Freed un den einfache Saachen ze fannen: gutt iessen, zesumme spillen, lafen, sprangen, laachen an un der frëscher Loft ze sinn.

D'Geschicht vum Arthur weist, datt mir all eng gesond Ernärung, Rou, Beweegung an e gutt Gläichgewiicht am Liewe brauchen, fir fit a glécklech ze sinn. Si weist och, datt mir besser Entscheedunge kënnen treffen – besonnesch wa mir gutt ënnerstëtzt ginn.

Du hues, genau wéi den Arthur, d'Recht gesond opzewuessen, dech gutt ze ernären, ze spillen, dech ze beweegen an dech an dengem Kierper wuel ze fillen. Du hues d'Recht, géint alles geschützt ze ginn, wat denger Gesondheet kéint schueden.

**All Mënsch huet Rechter – du och!**

**Du hues souguer speziell Kannerrechter!**

D’Kannerrechter ginn an der Kannerrechtskonventioun vun der UNO definéiert. Bal all Land vun der Welt huet versprach, dës Kannerrechter anzehalen. Och Lëtzebuerg! Do geet et ëm d’Recht op Schoul, Schutz, Fräizäit, ëm d’Recht, seng Meenung ze soen an ëm d’Recht op eng propper a sécher Ëmwelt.

**Fir deng Rechter kënnen ze liewen, muss du se natierlech fir d’éischt kennen. Kuck mol mat dengen Elteren hei eran:**

**Lëtzebuerg huet en Aktiounsplang mat iwwer 60 Aktiounen, mam Zil, deng Rechter ze schützen:**

Verschidde Kanner erliewen, datt hir Rechter net agehal oder geschützt ginn, oder sinn an enger Situatioun, wou en aneren hinne wëll wéi doen. Wann s du oder een, deen s du kenns, an esou enger Situatioun bass, da schwätz onbedéngt mat enger Persoun, där s du vertraus.

## Du kanns och no Hëllef froe bei de Servicer, déi extra fir Kanner do sinn:

Kanner- a Jugendtelefon: www.kjt.lu / Tel.: 116 111

Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher: www.okaju.lu / Tel.: 26 12 31 24

Office national de l’enfance: www.officenationalenfance.lu / Tel.: 8002-9393

# Den Arthur op Frupsmissioun

Eng Geschicht iwwer d'Recht op e gesond Liewen

Text vum Anja di Bartolomeo

Zeechnunge vum Giulia Helminger

© Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, 2025

ISBN: 978-2-49673-380-8

Layout: Service presse et communication

www.men.lu

Franséisch / Englesch Versioun

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse